ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi den Artikel 84 vum Chamberreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Sécherheet vum Covid19-Impfstoff vun AstraZeneca ass ëmstridden. Den Impfstoff gouf Mëtt Mäerz vun ënnerschiddlechen europäesche Länner, dorënner och Lëtzebuerg, gestoppt, nodeems Fäll vu Sinusthrombosen, also Bluttgerinnsel am Gehier, deelweis mat déidlechem Enn, ëffentlech goufen a sech geheeft hunn. D'Agence européenne des médicaments (EMA) huet dorops eng Re-Evaluatioun gemaach a konnt net ausschléissen, datt dëst wuel eng méiglech geféierlech Niewewierkung vum Impfstoff wier, allerdéngs misst dat nach weider ënnersicht ginn. Wärend Norwegen dësen Impfstoff bis zum 15. Abrëll ausgesat huet, hunn aner Länner e kuerz drop nees agesat. D'Nees-Asetze gouf begrënnt mat der EMA hirem Avis, deen d'Notzen-Risiko-Verhältnes trotz dem bestoende Risiko als ëmmer nach favorabel bewäert huet.

D'Länner ginn zënterhier ënnerschiddlech mat dësem Impfstoff ëm. Aus Sécherheetsgrënn sprëtzen Norwegen an Dänemark zurzäit weiderhin emol nach keen AstraZeneca. Well haaptsächlech méi jonk Leit a Leit am mëttleren Alter vun deene genannte graven Niewewierkunge betraff waren, ginn a Frankräich just nach Leit iwwer 55 Joer mam AstraZeneca geimpft. Och Däitschland ass méi virsiichteg ginn. Hei gouf sech landeswäit gëeenegt, datt dësen Impfstoff kengem méi ënner 60 Joer gesprëtzt gëtt. Och a Lëtzebuerg gouf den AstraZeneca séier nees agesat, nodeems d'EMA hiren Avis erausginn hat.

Haut huet e Responsabele vun der Impfstoffstrategie vun der EMA an engem Interview mat der italienescher Dageszeitung *Il Messaggero* bestätegt, datt en Zesummenhang besteet, tëscht dem Covid19-Impfstoff vun AstraZeneca an den atypeschen Thrombosen, déi entstane sinn, nodeems de Leit dësen Impfstoff gesprëtzt gouf. Et

konnt bis elo awer nach net gekläert ginn, wéi et zu dëser Reaktioun kënnt. D'EMA huet eng Pressekonferenz ugekënnegt.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister soen, wat fir e Persounekrees zu Lëtzebuerg AstraZeneca nom kuerze Stopp Mëtt Mäerz gesprëtzt krut? Gouf sech hei op eng bestëmmten Altersgrupp beschränkt, ofgesi vum Mindestalter vun 18 Joer? Wann nee, gouf den Impfstoff vun AstraZenaca zu Lëtzebuerg och net präferenziell bei enger bestëmmter Altersgrupp agesat, wann och net ausschliisslech, nodeems dësen Impfstoff gestoppt an dunn nees agesat gouf?
2. Gëtt no dëse ganz rezenten Neiegkeete vu Säite vun der EMA och zu Lëtzebuerg driwwer nogeduecht, just nach eng bestëmmten Altersgrupp mat AstraZeneca ze impfen? Oder soll weiderhi jiddereen iwwer 18 Joer kënnen domat geimpft ginn? Gëtt eventuell dru geduecht, ganz op den Impfstoff vun AstraZeneca ze verzichten?
3. Aus Sécherheetsberichter, ewéi déi vum Paul Ehrlich Institut, geet net just ervir, datt haaptsächlech méi jonk Leit a Leit am mëttleren Alter vun deene graven Niewewierkunge betraff sinn, mee besonnesch och d'Fraen. Gëtt zu Lëtzebuerg net och driwwer nogeduecht, dësen Impfstoff net méi bei Fraen anzesetzen?
4. Wéi wäit gouf bis elo de gesondheetlechen Zoustand vun der ze impfender Persoun bei der Wiel vum Impfstoff berécksiichtegt? No wat gouf hei gekuckt a gefrot?
5. Gëtt vun elo un och berécksiichtegt, ob eng Persoun méiglecherweis eng erhéichte Gerënnungsneigung vum Blutt huet, sief dat eng ugebueren oder eng krankheetsbedéngten, oder déi ervirgeruff ka ginn duerch Medikamenter oder hormonell Aflëss ewéi och duerch en ongesonde Liewensstil? Wann nee, firwat net?
6. An der Press konnt ee liesen, datt den AstraZenaca soll manner Effikassitéit hunn. Am Tageblatt vum 25. Mäerz konnt ee liesen, datt d'Wierksamkeet vun dësem Impfstoff, jee no Studie, nëmmen tëscht 54,9 an 82,4 Prozent léich. Och bei verschiddene Mutatioune vum Virus, wéi z.B. bei där südafrikanescher Variant, soll dësen Impfstoff net esou wierksam sinn. Kann d'Madamm Minister dës Aussoe bestätegen? Wa jo, ass d'Madamm Minister der Meenung, datt dësen Impfstoff wierksam genuch ass, fir de Risiko vu schwéierweienden Niewewierkungen anzegoen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten